

RIDDO OP FIR BARNUM ZU RÉIDEN

Cuisine Bistronomique, Café-théâtre, Cabaret, Concert!

Den Damir huet seng beléiften Aal Brauerei zu Réiden an talentéiert nei Hänn ginn. D'Koppel Alex a Ian hunn de Restaurant mat senger immens schéiner Terrass iwwerholl, an hire „Bébee“ Barnum gedeefte, Ian Lejeune: „Dat wor dem Alex seng Iddi nodeems mir de Film *Greatest Showman* gesinn haten iwwert de P.T. Barnum, a sengem Striewen déi greatest Show on earth ze realiséieren! Dat passt nit nëmmen zu dem wat mir maache wëllen, och d'Ambiance, d'Faarwen an den Dekor vum Film huet eis ugeschwat!“ Effektiv gesäit d'Aal Brauerei elo ganz anescht aus. Am Agang steet scho mol e Piano. Bannen ass elo alles anescht. T'ass mat vill Goût dekoréiert, vill vintage Objeten, Sëtzecken, enger apaart Wall of Fame, kuerz gesot, et fillt een sech direkt immens wuel. Ian: „Ech hunn Innenarchitektur studéiert, obwuel ech ëmmer Stylist wollt ginn.“

Eng weider Leidenschaft wor an ass och haut d'Sangen. Ian: „Wéi ech zu Bréissel studéiert hunn, hunn ech eng Dragqueen besser kennegeleiert, déi meng Stëmm schéi fonnt huet, a mech an hir Glitzerwelt invitéiert



huet. Do wor ech verkaaft. Ech hat och déi grouss Eier d'Dragqueen oft the Year hei zu Lëtzebuerg ze ginn. Dat wor fir mech eng grouss Eier an och Motivatioun mäi Wee als Ma Dame Yoko bestëmmt virunzegoen. En plus ginn et der och nit vill déi live sangen. Déi meescht maache Playback.“

De Réidener Kanton huet elo eng villverspriedend nei Adress ewéi et se soss just a grouss Metropole gëtt! Barnum verwinnt seng Clientë gastronomesch a kulturell mat Concerten, Cabaret, Shows Transformistes, Spectacles dinatoires, ouni déi exzellente Kichen ze vergiessen. Am August fänkt e neie Chefkoch un, deen et z'entdecke gëllt. Ian: „Mir proposéieren an der Mëttigstonn, wéi gewinnt vun der Aaler Brauerei, nieft der Kaart e Menu de la Semaine. Och Owens ass hei op vu Mëttwochs bis Samschdes. Sondes si mer op fir ze brunchen! Dann hu mer réigelméisseg Weekends eise kulturelle Programm, den Dîner Spectacle fir 65 €, entrée du spectacle et apéritif inclus. Déi normal Entrée ouni Iesse kascht 30 € pro Persoun.“



